



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8203 vun der éierbaren Deputéierten Martine Hansen

- **Setzt Lëtzebuerg sech am September fir eng Verlängerung vum Aussetze vun der Flächenstilllegung an der Rotatioun an, fir esou d'Liewensméttelsécherheet ze garantéieren?**
 - **Wann nee, aus wat fir Grënn ass d'Regierung géint e weidert Aussetze vun der Stilllegung an der Rotatioun?**

Lëtzebuerg huet am Moment eng ofwaardend Approche bezüglech der Aussetzung vun der Flächenstilllegung vu 4% a vun der Rotatioun vun de Kulturen op den Akerflächen.

D'Entscheidung, fir sou eng Verlängerung ze erméiglechen, läit bei der EU-Kommissioun, ass awer à ce Stade nach net geholl ginn an am aktuelle Kontext och net ze erwaarden.

Duerch den Ausbau vun de Solidaritéitskorridoren iwwert de Land- a Waasserwee konnt eng Liewensméttelverknappung ofgefiedert ginn. D'Kärenexporter aus der Ukrain an d'EU sinn sou am vergaangene Joer vum Wäert vu 7 Milliarden Euro ob 13 Milliarden Euro geklommen.

D'Kärepräisser hunn sech no extreme Präishaussen am Joer 2022 aktuell op engem éischer niddregen Niveau agependelt.

Des Weideren ass et am Hibleck vun der Previsibilitéit vun der EU-Legislatioun a vun der Planungssécherheet an eise Betriber kontraproduktiv, déi elo a Kraaft getruede Reegelen op en Neits ze änneren.

Lëtzebuerg, den 12. September 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN